PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Route de Longwy zu Péiteng ass eng Nationalstrooss (N5) a soumadder ënnert der Entscheedungsgewalt vum Mobilitéitsministère. Et ass eng staark befuere Strooss, déi als Passage vu ville Frontalieren genotzt gëtt, mee wou och eng zech Buslinnen all Dag zirkuléieren. Direkt an der Ëmgéigend, bei der Porte Lamadelaine, befënnt sech mam Lycée Mathias Adam och ee vun de gréisste Lycéeën an eisem Land mat ronn 2000 Schüler:innen a weider och d'Rollenger Gare.

Rezent koum et op der Porte Lamadelaine zu verschiddenen Accidenter, bei dene Passante vu Gefierer erfaasst goufen. Op dëser Plaz si keng rout Luuchte virgesinn, fir de Passanten ee sécheren Iwwergang z'erméiglechen an och keng weider verkéierstechnesch Elementer, fir dass d'Autoen hei méi lues fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Accidenter goufen et op der Route de Longwy an de vergaangenen 5 Joren?
   Wéi vill dovunner sinn op der Porte de Lamadelaine passéiert?

2. Goufen et schonns Entrevuen oder Kontaktopnahmen säitens der Péitenger Gemeng beim Ponts&Chaussées, fir dëse geféierleche Passage méi sécher fir d'Foussgänger ze maachen?
   Wann jo, wéini waren déi lescht Entrevuen a wat gouf festgehalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten